

L'influence de Diekirch sur la politique nationale au cours des dernières décennies

Laurent MOSAR

*L*éiwe Buergermeeschter a Schäfferot vun der Stad Dikrech, Dir Dammen an Dir Hären, et ass fir mech eng grouss Freed, fir den Owend bei Geleeënheet vun dëser 750-Joer-Feier vun der Stad Dikrech derbäi ze sinn an nach do derbäi eng vun den Haaptrieden dierfen ze halen. Dëst ass fir mech dann och eng ganz speziell Éier, well ech keen Dikrecher sinn, an als Stater Jong och soss weider keng Verbindunge mat Dikrech hunn, ausser e puer familiär Liens iwwert d'Famill vu mengem Papp, dpi mech dann a menger Kandheet dach déi eng oder aner Kéier op Dikrech gefouert hunn.

Wann een Dikrech seet, verbannen déi meeschte Leit domat Begrëffer wéi:

- Härebiërg
- Hotelsschoul, Dikrecher Kolléisch
- Militärmusée, Autosmusée
- Béier
- Kavalkad, Al Dikrech.

Woubäi besonnesch déi zwou lescht genannten och eng gewësse Plaz a mengen Erënnerungen hunn, well ech als jonke Kärel deen een oder anere flotten Owend hei verbruecht hunn, woubäi allerdéngs ech mech net méi ëmmer ganz genau un all Detailer vun dësem Owender kann erënneren. Dat Eenzegt, wat ech nach weess, ass, dass ech zumindest eng Kéier zu Dikrech hu misse bei engem Kolleg iwweruechten, well ech dee beschwéierleche Wee an d'Stad net mpi wollt ugoen.

Dikrech allerdéngs nëmmen op dës Begrëffer wëllen ze reduzéieren, wär net nëmme simplistes, mä géif och derzou féieren, e komplett verzerrt Bild vun dëser dach esou wichteger Stad ofzeginn.

Dikrech ass eng Stad mat enger laanger Geschicht, mat ville gutt agesiessenen Traditionen a mat enger impressionanter Rei vu Perséinlechkeeten, déi all op hir eegen Aart a Weis un der Gestaltung vun eisem Land en net onwesentlechen Deel bäigedroen hunn.

Wann een Dikrech haut kuckt, dann ass et eng Stad vun iwwer 6.300 Awunner, verdeelt op 12,42 km². Dikrech ass awer och Verwaltungsstandort an huet als eenzeg Stad nieft der Stad Lëtzebuerg e Bezirksgericht an déi grouss Statsverwaltungen hunn hei hir Nidderloosungen. Dës Entwécklung vun Dikrech zu enger Stad vu regionaler Bedeitung ass net vum selwe komm. Et huet schon e gewëssen Asaz vu ville Leit bedéngt, op deen ech bei mengen Ausféierungen zrëckkomme wäert.

Déi Dikrecher waren awer net nëmmen op hire lokalen a regionale Positionnement fixéiert, mä hu sech och op nationalem Plang engagéiert. Bei menge Recherchë war ech erstaunt feststellen, wéi vill Politiker, Deputéierten, Ministeren a souguer Statsministeren –entweder zu Dikrech gebuer goufen, oder iergendwéi an engem gewëssene Moment vun hirem familiären oder berufleche Liewen en Zwëschestopp zu Dikrech gemaach hunn. Eng Konstant, déi ee bei all dëse Perséinlechkeete konnt feststellen, ass, datt si sech net op lokal Politik limitéiert hunn, mä iwwert den Tellerrand vun hirer Gemeng eraus regional, national a souguer europäesch gehandelt hunn – e Punkt, op deen ech herno nach wäert agoen.

Dir Dammen an Dir Hären, wa mer un déi demokratesch Ufäng vun eisem Land zréckginn, esou fanne mir am Kader vun der Assemblée constituante vun 1848 net manner wéi zéng Leit aus dem Dikrecher Kanton. Erlaabt mir, kuerz op zwee vun hinnen anzegoen: de Charles Mathias André an de Vendelin Jurion.

De Charles Mathias André gouf zwar zu Veianen gebuer, mä hie war Affekot zu Dikrech a gouf 1848 als e Vertrieeder vum Kanton Dikrech an d'Chamber, d'Constituante, gewielt; déi Chamber, déi 1848, an enger Zäit vu grouse politeschen Onrouen queesch duerch Europa, d'Aufgab hat, dem Land eng nei Verfassung, en neit Grondgesetz ze ginn. D'Assemblpe constituante hat iwwregens deemools, duerch d'Onrouen an der Stad, vum 25. bis den 28. Abrëll an der Primärschoul zu Ettelbréck getagt, an net an der Stad Lëtzebuerg.

Mir ass de Charles Mathias André virun allem duerch een Événement an der Geschicht an Erënerung bliwwen. Den 28. Abrëll 1848 huet hie bei den Debatten, ob d'Chamber eng Delegatioun an d'Nationalversammlung op Frankfurt schécke soll oder net, seng Interventioun op Lëtzebuergesch gemaach! Dat huet deemools fir eng gewëss Opreegung gesuergt. Haut huet d'Opreegung d'Sait gewieselt, wpi mir konnte virun e puer Deeg feststellen, wéi e Kolleeg seng Interventioun an der Chamber a franséischer Sprooch virgedroen huet. Sou änneren nun emol d'Zäiten, ganz besonnesch, wat den Émgang mat der lëtzebuergescher Sprooch ugeet. An der Assemblée des États ass déi Zäit nämlech Franséisch a vläicht emol och derniewent nach Däitsch geschwat ginn, awer ni d'Sprooch vum Vollek, wat och schon deemools d'Lëtzebuergesch war.

Den Deputéierten Norbert Metz, deen enger ganz anerer politescher Meenung war wéi säi Virriedner, huet iwwregens deemools seng Ried dunn och op Lëtzebuergesch gehalen. Dëst war dem «*Courrier du Grand-Duché de Luxembourg*» vum 29. Abrëll 1848 dann och eng Noriicht wäert, nämlech: «*La discussion s'ouvrit avec ardeur (...) par un discours prononcé en allemand de Luxembourg par Mr. André, procureur d'État. M. Norbert Metz y répondit en la même langue.*»

E weidere Personnage vun Dikrech, deen 1848 an der Constituante souz an iwwert deen ech e puer Wuert wëll soen, ass de Vendelin Jurion. Hien ass zwar net zu Dikrech gebuer, mä zu Bitburg, mä hie war ebenfalls Affekot zu Dikrech an och Buergermeeschter vun där Stad. Hien ass duerno Member vun der Regierung ginn an du President vum Statsrot.

Wéi de Vendelin Jurion Buergermeeschter vun Dikrech war, krut d'Stad 1841 d'Visite vum Kinnek Groussherzog Wëllem II. Et war seng éischt Visite am Land. Deemools hat de Vendelin Jurion de Courage, fir dem Groussherzog d'Situatioun vum Land éierlech ze beschreiwen: «*Le pays n'est pas heureux, Sire. Le commerce et l'industrie sont ptouffps dans les ptroites limites qui les resserrent. Nous payons des impôts indirects énormes pour les produits ptrangers (...). Les esprits s'inquiètent, Sire, de tendances gouvernementales et administratives étrangères, en opposition avec les mœurs et les sentiments de la gpnpration actuelle, et même avec l'histoire du pays. (...) L'instruction est en souffrance. (...) Et encore aujourd'hui, Sire, nous ne jouissons pas d'institutions fondamentales, dont la privation est cependant pour tous les Luxembourgeois un sujet constant de regrets et d'inquiétude.*»

Déi éierlech Wiederer vum deemolege Buergermeeschter vun Dikrech hu sécherlech derzou bäigedroen, datt de Kinnek Groussherzog Wëllem II agesinn huet, datt verschidde Problemer d'urgence misste geléist ginn.

Datt sech am Parlament eng gewësse Roserei iwwert d'Regierung vu verschidde Nopeschlänner breetmécht, ass eng Konstant, wéi mir och an deene leschte Wochen a Méint erëm konnte feststellen. Wat eemol méi beweist, datt d'Geschicht sech ëmmer erëm widderhëlt.

Dir Dammen an Dir Hären, eng kloer Meenung ze artikuléieren, sech engagéiert fir d'eres publica an d'Interesse vun Dikrech anzsetzen, waren a sinn d'Charakterzich vun de Menschen aus dëser Géigend vun eisem Land. Wann een déi parlamentaresch a politesch Geschicht vun eisem Land da weider ver-

follegt, stelle mir fest, datt no 1848 iwwer 30 Volleksvertrieder e Lien mat Dikrech hunn, sief et, well se do gebuer sinn oder do gewonnen respektiv geschafft hunn.

Um Plang vum Pouvoir exécutif stelle mir fest, datt dräi Statsministeren zu Dikrech gebuer goufen: de Paul Eyschen, de Mathias Mongenast an de Joseph Bech. Dräi Statsministere waren als Affekot um Barreau zu Dikrech ageschriwwen: de Baron Félix de Blochausen, de Charles-Mathias Simons, den Édouard Thilges. Dir constatéiert mat mir, datt och schonn deemools, wéi haut och nach, d'Chancen, fir d'Statsminister ze ginn, besonnesch ausgeprägt fir Affekote waren.

De Statsminister Pierre Frieden sengersäits war Professor am Dikrecher Kolléisch, an de Jacques Santer ass zu Dikrech an de Lycée gaangen.

E groussen Deel vun dese Statsministeren hunn also e Lien mat Dikrech. Si all, a jiddwereen op seng Aart a Weis, ware maßgeblech dorunner bedeelegt, der Politik nei Impulser ze ginn an domadder eist Land virunzebréngen. Erlaabt mir duerfir, kuerz op zwee vun hinnen anzegoen, nämlech de Paul Eyschen an de Joseph Bech.

De Paul Eyschen war sécherlech ee vun de bekanntesten a markanteste Statsministeren, déi zu Dikrech gebuer goufen. Hie konnt op eng laang politesch Carrière zrëckkucken. Fir d'Éischt war hien 1866, am jonken Alter vu 25 Joer, an d'Assemblé des États gewielt ginn. Vun 1888 u war de Paul Eyschen Statsminister vu Lëtzebuerg. Hien huet d'Statsaffäre während 27 Joer hannertenee geleet, bis zu sengem Doud am Joer 1915.

Ënner him ass den Enseignement reforméiert ginn, wat mat sech bruecht huet, datt vill méi Schüler an den Enseignement secondaire gaange sinn. Och dat bekanntent Primärschoulgesetz vun 1912, wat den Enseignement primaire organiséiert, staamt aus senger Zäit. Ënnert der Regierung Eyschen ass och d'Handwierserschoul zu Lëtzebuerg gegrënnt ginn.

Während der Regierung Eyschen mécht d'Landwirtschaft grouss Progrèsen. Mat der Entwécklung vun der moderner Industrie stelle sech och Froen am soziale Beräich. De Paul Eyschen setzt mat senger Regierung de Grondstee vun de sozialen Ofsécherungen hei zu Lëtzebuerg. D'Konsequenz ass d'Affpierung vu Mutuelles a Versécherungen.

Et ass zur Zäit vum Statsminister Eyschen, wou Lëtzebuerg 1890 seng eegen Dynastie krut. D'Regierung huet anschlëssend en erweiderten Aktiounsradius a méi Fräiheete kritt. Et ass iwwregens och ënnert dem Paul Eyschen senger Fieder, wou 1907 e Gesetzprojet gestëmmt gouf, duerch dat d'Prinzessin Marie-Adélaïde, also eng Frau, fënnef Joer duerno op den Troun konnt kommen.

D'Land fir seng Sâit huet an där Zäit d'Geleeënheet kritt, fir sech méi ze emanzipéieren. De Paul Eyschen huet ëmmer erëm d'Neutralitéitsroll vu Lëtzebuerg bannent der europäescher Politik ënnertstrach. Fir hien ass eng Welt zesummegebrach, wéi 1914 déi Däitsch, fir déi hien am Fong Sympathien hat, an d'Land agefall sinn.

Duerch seng Initiativen am soziale Beräich huet de Paul Eyschen awer sécherlech eng Virreiderroll gespilt an huet domadder och de Grondstee fir eng proaktiv Sozialpolitik geluecht, déi vu sengen Nofolger um Statsministerposten a ganz besonnesch vum Pierre Dupong virugefouert gi sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ee vun de Pappé vun der Europäescher Unioun ass iwwregens och vun Dikrech! An et ass parallel och ee vu mengé Virgänger um Poste vum Chamberspräsident: de Joseph Bech.

1914 gouf hie fir d'Éischte Kéier an d'Chamber gewielt, deemools war hie mat 27 Joer dee jéngsten Deputéierten. 1926 gouf hie Statsminister. Ganzer 50 Joer war hien op der politescher Bühn präsent.

De Joseph Bech war staark beaflosst duerch d'Erënnerung vum Éischte Weltkrich, duerch déi erliefte Situatioun vun engem klengen isoléierte Stat géigeniwwer senge groussen a staarken Noperen. A Saachen Aussepolitik war déi grouss Suerg vun der Regierung Bech, d'Spécherheet vum Lëtzebuurger Land nom Éischte Weltkrich an Europa ze garantéieren. Hie sollt awer och mam Zweete Weltkrich erlie-

wen, datt dëst alles anescht wéi de Fall war an ass mat der Grande-Duchesse an der Regierung an den Exil op London gaangen.

Déi zwee Weltkriecher, déi de Joseph Bech matgemaach huet, hunn hien esou staark markéiert. Seng negativ Experienze vun de Kriecher hu bei him de Grondstee geluecht fir säin Asaz fir e friddlecht Europa.

1957 ënnerschreift de Joseph Bech fir eist Land den Traité de Rome, de Gebuertsakt vun der Europäescher Communauté. Fir säin europäescht Engagement krut hien 1961 de Karlspreis vun der Stad Aachen.

De Joseph Bech huet sech des Weideren och am Land dofir agesat, datt Lëtzebuerg sech international positionéiert a Member vun den nei gegrennten internationalen Organisatioune gëtt: 1944 am Benelux, 1946 an der UNO, 1949 an der NATO. Vergiesse soll een allerdéngs net, datt de Bech bei der Populatioun net ëmmer onëmstridden war, net zulescht duerch de Referendum vum Maulkuerfgesetz vun 1937, dat jo och seng Demission als Statsminister mat sech bruecht huet.

Bei der Commémoratioun an der Chamber de 6. Mee 1964, wou dem Joseph Bech seng 50 Joer politesch Aktivitéit am Intérêt vum Land gefeiert goufen, huet de Camille Linden am Numm vun de liberalen Deputéierte ënner anerem dem Här Bech seng Liens mat Dikrech ervirgestrach: «Lorsque, gamin, à l'âge de l'école primaire, je passais mes vacances dans la famille de ma mère à Diekirch, où mon grand-père se vouait très modestement aux affaires municipales, c'est là, dans votre ville natale, que je reçus les premiers échos de votre célébrité, Monsieur le Président, longtemps avant de vous connaître personnellement. Car déjà à cette époque-là, on était fier de ce qu'une personnalité comme vous, qui représentait notre pays parmi les grands de cet univers, fût originaire de Diekirch.»

An der nämlecher Séance commémorative seet de Joseph Bech: «J'ai grandi moi-même dans une famille dont, depuis l'institution de notre parlement, un membre et quelquefois deux (...) faisaient toujours partie. Parce que j'attrapais des conversations des grands, j'avais dès mon enfance une notion précoce, mais très incomplète des choses politiques, comme mon premier contact avec un homme politique vous le montrera. Ce premier contact fut décevant et amusant à la fois.

C'était vers la fin du siècle dernier, j'avais à peine une dizaine d'années quand un beau jour le Baron de Blochausen, ancien Ministre d'État, vint voir mon père qui, fier de mes soi-disant connaissances politiques, dit à l'ancien Premier Ministre: „Imaginez que ce petit s'intéresse déjà à la politique. R. „Le malheureux, qu'il n'y touche jamais, s'écriait le baron. (...) „Qu'est-ce que tu sais de la politique? „ me demanda-t-il alors. Et moi, très fier d'annoncer les noms des hommes politiques dont j'avais entendu parler mes parents: „Den Eyschen, den de Blochausen, de Brincour, de Mongenast, de Budget, de Boni. Et mon interlocuteur se esclaffer: „Heureux petit homme qui prend le budget pour un dpputp. »

Dir Dammen an Dir Hären, no senger Zäit an der Regierung war de Joseph Bech awer och vun 1959-1964 Chamberspresident. Ausser him koumen awer nach aner Chamberspresidenten vun Dikrech:

- de Jean-Pierre Foehr
- de Jean-Pierre Toutsch, deen zweemol Chamberspresident war,
- a méi Virgänger, de Lucien Weiler, langjährege Fraktiounspresident vun der CSV a Schäfte vun Dikrech. Hien ass den Ament den Doyen an eisem Parlament. De Lucien Weiler ass zënter 1984 ouni Ënnerbriechung an der Chamber, ganzer 26 Joer, wat beim Joseph Bech an anere beweist, datt d'Dikrecher Politiker sech duerch eng exzellente Gesondheet a vill Ausdauer an Energie auszeechnen, wat bestëmmt mat der gudder Loft douewen am Norden ze dinn huet.

Wéi schonns ernimmt, war Dikrech ëmmer gutt an der Chamber vertraued. Et géif ze wäit féieren, op jiddwereen eenzel anzegoen. Stellvertriedend fir se all wéilt ech hei e puer Leit an Erënnerung ruffen:

- de Joseph Tschiderer, deen 39 Joer am Gemengerot vun Dikrech war;
- de Viktor Tschiderer, Grënnungsaktionär vun der Dikrecher Brauerei;
- de Jos Herr, fréiere Buergermeeschter vun Dikrech, Affekot, Historiker an ee vun den éischten Europadeputéierten 1959;
- den Alphonse München, deen och Buergermeeschter vun der Stadt Lëtzebuerg war;
- de René Steichen, deen och Buergermeeschter vun Dikrech war, Statssekretär, Minister an duerno EU-Kommissär;
- den Henri Cravatte, Affekot zu Dikrech, Buergermeeschter vun Dikrech, Vizepresident vun der Regierung an Innenminister, an och President vum Europarat.
- den Henri Cravatte, Affekot zu Dikrech, Buergermeeschter vun Dikrech, Vizepresident vun der Regierung an Innenminister, an och President vum Europarat.

Haut sinn nach zwee Deputéiert vun Dikrech an der Chamber: de Claude Haagen an de Lucien Weiler. An den André Bauler, deen och zum Deel zu Dikrech opgewuess ass, kéint een och nach derbäizieleen.

Dikrech huet awer och zwee Deputéiert am Europaparlament: de Claude Turmes an de Frank Engel, déi domadder déi europapolitesch Traditioun viruféieren.

Wann een d'Lëscht vun deene kuckt, déi op déi eng oder aner Manéier e Rapport mat Dikrech hunn a sech national oder europapolitesch engagéiert hunn, da stellt ee fest, datt Är Stad am Laf vun de Joren eng richtege politesch „pppinière“ war. Duerch hiren individuelle politeschen Asaz hunn all déi Leit eis national Politik beaflosst a si hunn an hiren politescher Aarbecht sech ëmmer erëm vun deenen Erfarunge leede gelooss, déi si an hirem direkten Ëmfeld zu Dikrech an an der Regioun gemaach hunn.

Opgefall ass mir dann awer och bei menge Recherchen, datt keng Fra vun Dikrech um nationalen oder europapoliteschen Terrain bis elo e Mandat hat, wat awer sécherlech, an do sidd Dir mat mir aferstanen, an deenen nächste Jore kann a soll änneren.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo vill iwwe bekannte Leit vun Dikrech geschwat, déi op déi eng oder aner Manéier déi national Politik mat bestëmmt hunn. Ech wëll op deser Plaz awer och drop hiweisen, datt d'Chamber sech mat enger grousser Regelméissegkeet mat Projets beschäftegt huet, déi wichteg fir Dikrech waren. Do war zum Beispill:

- 1961, 1970 an 1996: Vergrësserung vum Dikrecher Kolléisch
- 1967: Suppressioun vun der Maison de détente zu Dikrech
- 1979: Bau vun engem neie Gebai fir d'Hotelsschoul zu Dikrech
- 1988: Bau vun engem Verwaltungsgebai zu Dikrech
- 1996: Kreatioun vum Lycée technique vun Dikrech. Parallell ass de Lycée technique vu Miersch eng Annex vun dem Lycée classique an technique vun Dikrech ginn
- 1999: Bau vum Internat sociofamilial vun Dikrech
- 2002: d'Participatioun vum Stat un der Modernisatioun a Vergrësserung vun der Maison de soins „Ancien Hôpital Sacré-Coeur“ zu Dikrech
- 2009: technesch a logistesche Adaptatiounen an der Kasär Grand-Duc Jean um Härebierg.

Dir Dammen an Dir Hären, déi virgenannte Projets sti stellvertriedend dofir, datt déi Dikrecher Politiker et eigentlech ëmmer gutt verstanen hunn, hir Interessen um Niveau vun der Regierung an an der Chamber op eng effizient Manéier ze verdeedegen. Dëse gesonden Asaz fir d'Interesse vun hirem Stad an hirem Regioun geet wäit an d'Geschicht zrëck a fënnt seng Wuerzelen zu engem groussen Deel an

der Rivalitéit mat der Nopeschstad Ettelbréck. Dës Rivalitéit, déi jorzéngtelaang tëscht Ettelbréck an Dikrech existéiert hat, beschreift den Albert Calmes a sengem Wierk „Au fil de l'histoire“ esou: „Diekirch et Ettelbruck sont deux villes voisines et florissantes, donc rivales. (...) L'une tient de l'histoire le privilège de la respectabilité par l'ancienneté. L'autre a de la nature l'avantage d'être au confluent de trois cours d'eau, et même quatre si l'on ajoute la vallée de l'Attert.“

Den Auteur schreift weider, datt d'Rivalitéit tëscht Dikrech an Ettelbréck sech virun allem an der Kompetitioun fir de Siège vun den öffentlechen Institutione gewisen huet, an dat vun 1795 un, wéi déi franséisch revolutionär Truppen op Lëtzebuerg komm sinn. D'Fransousen hunn den „Département des forêts“ a 37 Kantonen opgedeelt. Dorënner war Dikrech mat als Chef-lieu. D'Stad Dikrech, déi deemools an der Regioun mat 1.160 Leit déi meeschten Awunner hat. Ettelbréck hat der 1.040. Ee Joer méi speit, 1796, gouf et en éischte Konflikt tëscht béide Stied, wéi et drëm gaangen ass, de Siège vum Bezierksgeriicht an dee vun der Gendarmerie-brigade festzeleeën.

E Véirelsjorhonnert méi speit (1842) sinn déi zwou Stied erëm a Konflikt, fir eng Garnisoun vum Contingent militaire vu Lëtzebuerg ze kréien, dee virdu vum däitsche Bond opgestallt gouf.

An deem Konkurrenzkampf hunn d'Virspriecher vun Ettelbréck als Argument geholl, datt et „keen uerdentleche Wee gpif ginn, fir op Dikrech ze kommen“. Si hunn déi zentral Positioun vun Ettelbréck ervirgestrach. Déi Dikrecher fir hiren Deel hu betount, datt hir Stad genuch national Gebaier hätt, fir d'Verwaltungen a souguer d'Force publique ënnerzebréngen. Jiddwereen huet mat alle Mëtzel probéiert, Recht ze kréien.

Schlussendlech huet Dikrech dës institutionell Streidereie gewonnen an huet sech als regionalen Attraktivitéitspunkt entwéckelt. Obwuel de Baron de Blochausen gemengt hat: „Diekirch ne sera jamais rien.“

Haut, am Kader vun der territorialer Reform, sinn dës zwou Stied sech eens, am Konzept vun der Nordstad, fir hir Efforten zesummenzeleeën, fir hiren Awunner déi beschtméiglech Servicer ze proposéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, et geet aus mengen Ausféierungen ervir, datt et Dikrecher Politiker waren, déi iwwer Jorzéngten d'Geschpcker vun dësem Land zu engem net onwesentlechen Deel mat bestëmmt hunn. Den Afloss vun dëse Politiker ass dann och iwwerproportionnel grouss gewiescht, wann een e mat der Gréisst vun der Gemeng an der Zuel vun der Bevölkerung vergläicht. D'Bedeutung vun Dikrech an der nationaler Politik huet dann awer och sécherlech mat der Präsenz vu verschiddeenen Institutionen iwwert déi lescht Jorzéngten ze dinn.

Dës Bedeutung gëtt dann och op eng exzellent Aart a Weis an engem Artikel beschriwwen an der „Luxemburger illustrierte Wochenschrift“ vum 10. September 1939, deen ech mer erlaben, hei elo kuerz ze zitieren: „Als letzte Kantonalfeier werden wir nun die Diekircher erleben. Luxemburg, als Hauptstadt, machte den Anfang mit den Feiern, Diekirch als zweite Hauptstadt wird sie nun beschließen. Diekirch zweite Hauptstadt? Man wird sich dies noch so ungläubig fragen können: An der Tatsache, dass es nicht so ganz falsch ist, wird man doch nicht vorbeikommen. Zwar gibt es verschiedene Städte im Lande, die eine stärkere Einwohnerzahl aufweisen. Aber außer Luxemburg ist Diekirch die einzige Stadt des Landes, die ein Bezirksgericht aufweisen kann. Außerdem gibt es dort ein Friedensgericht, und schließlich ist Diekirch auch Sitz eines Distriktskommissariats, und so nimmt es in administrativer Hinsicht den Platz der zweiten Hauptstadt ein.“

Ech mengen, datt déi Beschreiwung vun deemools och nach haut zu engem groussen Deel seng Richtigkeet behält.

Mir hunn an der Geschicht vun Dikrech gesinn, datt et ëmmer erëm Rivalitéite gouf mat den Nopeschstied, déi derzou geféiert hunn, datt d'Politiker sech ëmmer erëm hunn nei missen asetzen, fir hir Interessen duerchzesetzen, wat hinnen eigentlech och meeschtens exzellent gelongen ass.

D'Gpige waart an d'Zukunft gesinn anescht aus. Dikrech kämpft net méi nieft a géint d'Nopeschgemengen, mà mat hinnen zesummen, an der Regioun, fir d'Leit aus der Regioun.

Dat neit Dikrech deet sech zesumme mat den Noperen an och hei gesäit een, datt déi Wäitsiicht vun de Politiker aus de vergaangene Jorzéngten och bei den heitegen an hiren Iwwerleeunge präsent ass. Méi wéi vläicht Politiker aus anere Regiounen a Gemenge vum Land versichen déi d'politesch Maxime „think local, act global“ ëmzesetzen, an duerfir sinn ech och perséinlech dovun iwwerzeegt, datt duerch d'Schafe vun der Nordstad e richtegen Zentrum am Norde vum Land entsteet. Dikrech ass zesummen mat de Gemenge Bettenduerf, Colmer-Bierg, Ierpeldeng, Ettelbréck a Schieren en drëtten Entwécklungszentrum am Land, nieft Lëtzebuerg an Esch/Uelzecht. Dobäi muss et awer net seng Ee-genaartegkeet opginn oder seng Vergaangenheet leugnen. Au contraire, mat engem stolze Bléck op d'Vergaangenheet a mat engem kloren Blpck an d'Zukunft wäerten déi Dikrecher eemol méi hir Plaz an der Geschicht vum Land sécheren.

An ech sinn iwwerzeegt, datt, wann a 50 Joer den 800-jährege Gebuertsdag vun der Stad Dikrech gefeiert gëtt, de Chamberspresident vun dann a sengem Réckbléck wäert vläicht op déi akademesch Sitzung vun haut zrëckkucken an op déi formidabel „success story“ vun der Nordstad hiweisen, déi sech niewent der Stad Lëtzebuerg an der Stad Esch zu deem groussen wirtschaftlechen a kulturellen Zentrum am Norde vum Land wäert entwéckelt hunn.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech als Chamberspresident am Numm vu mengen 59 Kolleeginnen a Kolleegen a mir selwer der Stad Dikrech fir hire 750. Gebuertsdag ganz häerzlech félicitéieren an hir nëmmen dat Allerbescht fir d'Zukunft wënschen an hoffen, datt si eis weider esou engagéiert a kompetent Politiker op de Krautmaart schéckt, dëst am Interessi vun Dikrech an dem ganzen Land. An deem Sënn: Happy Birthday Dikrech!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

(Seul le texte prononcé fait foi)